

Opmierksam sinn am Kontext vun der Pandemie: eng beobachtend Haltung an der pedagogescher Aarbecht

Guidelines fir Enseignanten an Educateuren

De Covid-19 an déi gesellschaftlech
Mesuren, déi domat verbonne sinn,
bestëmmen eist Liewen.
Se hu belaaschtend Auswirkungen,
och op deene Jonken hir psychesch
Gesondheet.



Et ass wichtig, psychesch Problemer matzäit ze erkennen, fir déi Jonk beschtméiglech ze begleeden. Eng opmierksam, entgéintkommend an empathesch Haltung kann hëllefen, de Jonken hiert Wuelbefannen a Verhalen an Uecht ze huelen an, wann néideg, drop ze reagéieren. Oft sinn Ännerungen am Verhale progressiv a kënnen nëmmen usazweis wouergeholl ginn.



Folgend Verhaltensweise vun de Jonke sollten erkannt an net ignoréiert ginn:

- Verstärkt Reizbarkeit a méi grouss Konfliktbereitschaft an der Klass
- Repetitiivt grenziwwerschreidend Verhalten
- Panikattacken/verstärkt Angschtzustänn/Stress
- Selbstverletzend Verhalten
- Apathie/Middegkeet
- Schoulmiddegkeet, Verloscht vun Interessé u schouleschen Aktivitéiten, Vermeide vun herausforderende Situatiounen (Exposé, Prüfung asw.)
- ...



Wann Dir dës Verhalensweise feststellt, ass et wichtig, fir de Jonken do ze sinn:

- » Sidd uspriechbar, zougänglich, implizéiert an open.
- » Sicht d'Gespréich op, och iwver den digitale Wee.
- » Weist Interessé fir hir Problemer a Suergen a lauschtert opmierksam no.
- » Bitt e geschützte Kader fir Gespréicher, individuell oder an der Grupp. Erméiglecht et de Jonken, hir Erfarungen a Gefiller am Kontext vun der Pandemie an d'Verännerungen an hirem Alldag zum Ausdruck ze bréngen.
- » Informéiert bei Bedarf déi Jonk iwver spezialiséiert Hëllefsservicen.



Service psycho-social et d'accompagnement scolaires – SePAS Service socio-éducatif - SEE

Psycho-sozial an edukativ Begleedung a Berodung fir Schüler
aus dem Secondaire

Kanner-Jugendtelefon - 116111

Anonym a vertraulich Hëllef vu geschoultem Personal per Telefon
(och owes a weekends) a per Chat - www.kjt.lu

Helpline 8002-9393

Psychologesch Berodung an Ënnerstëtzung, och an der Famill doheem,
op Rendez-vous iwwer de CePAS an den ONE.

www.cepas.lu / www.officenationaleenfance.lu

De CePAS bitt Weiderbildung fir d'Fréierkennung a geschützt
Gespréichsronnen an der Klass souwéi och zu
de Berodungsservicer fir Enseignantent
iwwer den IFEN un.
www.cepas.lu

**E grouse Merci fir Är Hëllef an
Äert Engagement!**



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

